D'Elterenverénégong ass eng Gesellschaft o'ni Gewönnzweck, dèren Tätégkét am Art.1 vun hirem Statut gené ömschriwen ass :

1. provoquer le rapatriement des déportés militaires luxembourgeois ,
2. assurer tous les droits des déportés militaires non rapatriés
3. défendre les droits et revendications des ayants droit des déportés militaires luxembourgeois disparus ou décédés.

Mir hun ömmer d'Bestriewen, d'Rapatriierung vun dén ge'nt d'internationalt Recht zur Wehrmacht gezwongenen an délweils nach vermösste Jongen ze bedreiwen, als eng Fro d'ordre national ugekuckt, we' och de' âner Verpflichtong,d'Intérêts'en vun dén Vermössten oder Gestuerwenen an de'je'nég vun hiren Ugehöregen ze assure-eren. Zur Erréchong vun dén Zwcken, wuerfir ons schwach Kräften a Moyens'en ongenugend sin, huet d'Regierungsdepartement vum Rapatriement, dém mer erneit duerfir Merci aoen, ons ömmer berétwöllégst önnerstutzt, mais mir möchten én Appel un de' gro'ss Oeffentléchkét mân, ons Sâch net lénks leien ze loszen, sondern ons ze hellefen, de' Vermösst, vun dénen én wann och klengsten Dél nach um Liewen kann sin, endléch ze libere'eren. Went dém absolut humanitairen Charakter vun der Elternverénégong könne mir ons net erlâben, ~~[illegible]~~ politisch net streng neutral ze sin. Mir kennen keng Partei - mir kennen nömmen ons Frönn, d.h.de'je'nég de' mir aus gegebenen Anlässen als ons Frönn erkannt hun an ~~[illegible]~~ de' berét sin, ons ze hellefen an fir ons anzestoen.

## Rapport d'activité

### Aperçu sommaire

D'Aktivite't vum Comité ass op de' Ponkten ausgericht, de' gemäss Art.1 vun de Statuten den Zweck vun der Elternverénégong duerstellen : de Rapatriement vun de vermösste Jongen ze bedreiwen an d'Intérêts'en vun de Vermössten oder/Gefâlenen/ lisez : Gestuerwenen sowe' vun hiren Angehörégen ze assure'eren.

Hei ass e sommairem Iwerbléck iwer de' wesentléchst Démarchen an Interventio'nen ab 29.3.5_, dem Datum vun der leschter Assem-

~~[illegible]~~ 14.4.58 : e'scht prise de contact mat der Ligue Mondiale des Anciens Combattants zu Pareis, fir nôm Beispiel vun ânere westléche Länner, durch hir Relatio'nen mat de sovjetischen Frontkämpfer nei Recherchen no onse vermösste Jongen ze mâchen ;

20.5.58 : e gro'sse Mémoire un den Hèr Aussenminister, a welchem mir önner ânerem der Beffirchtong Ausdrock gin, d'Letzeburger könnten als "staatenlos" an der Sovjetunio'n zereckgehâle gin ( nei sovj.Legislatio'n iwer den Indéginat - Abirgerong ) ;

20.6.58 : Audienz bei dem se'légen Hèr Staatsminister Pierre Frieden ;

26.6.58 : eingehend schröftléch Darstellong vun der ~~Sim~~ Situatio'n fir den Hèr Staatsminister ;

30.7.58 : op Initiative vum Hèr Staatsminister iwerhöllt de russesche Gesandten zu Letzeburg et, nei Recherchen no de Letzeburger Vermössten ze veranlassen ;

26.11.58 : "te Contact mat der Ligue Mondiale des A.C. mat konkrete Virschle' hirerseits fir eng Interventio'n ( de' Aktio'n go'f an dem Moment provisorech zereckgestallt, fir de' parallel a simultan Aktio'n vum H.Minister Melnik net ze behönderen - Resultat négatif ) ;

Am e'schen Semester 1959 go'f , ofgesin vun periodischen Rappels bei der Regierung, an Erwartung vun dem Resultat vun der Missio'n vum Hèr Minister M.neischt Neies önnerhol ;

13/14 /6.59 : eng Delegatio'n vum Comité wunnt dem 3.gro'ssen Heimkehrertreffen zu Köln bei ;

14.6.59 : Audienz beim Hèr Aussenminister Eug.Schaus - den Hèr Minister versprécht beim Minister Hèr M. öm d'Beschleunigung vun de seit Oktober 1958 lâfenden Recherchen ze intervene-eren ;

7.12.59 : Audienz beim Hèr Minister Dr.Colling :
1. De' Aentwert vum sovj.Ro'de Kreiz gin ons

## IV . - Festsetzung des Aktionsprogramms fur 1860.

A. Rapatriement

Art.23 der Statuten -

" Le CC convoquera l'assemblée générale pour le rapport annuel et l'établissement du programme d'action ....."

Keine ~~yaysyzkyiskxxkendsrung~~ grundsätzliche Aenderung gegenuber 1959.

1. mit allen zu Gebote stehenden Mitteln die Nachforschungen nach den Vermissten fortsetzen :

   a) neuer bevollm.Minister nach Moskau mit Spezialmission

   b) Spezialbildliste der vermissten Luxbg. - Regierung im Prinzip einverstanden

   c) Aktion durch Féd.Mondiale des Anc.Combattants ( Major Emile Krieps , membre du Comité pour le Grand-Duché )

Weitere Anregungen

   d)

   e)

   f)

B. Réparations

Mit allen zu Gebote stehenden Mitteln die Entschädigungsanspruche der Zwangsrekrutierten verteidigen -

Mémoire - pour Conseil d'Etat et la Chambre des Députés

( V.Mémoires de la Ligue pour la Défense des Droits de l'Homme et du Citoyen )

Weitere Anregungen :